



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

Luxembourg, le **09 MARS 2021**  
Réf. QP-12/21

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
Luxembourg

**REÇU**  
Par Aiff Christian , 09:34, 09/03/2021

**Objet:** Question parlementaire n°3579 « Registre des bénéficiaires effectifs » du 3 février 2021 de l'honorable Député Paul Galles

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON



**Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministesch fir Justiz, op d'parlementaresch Ufro n° 3579 vum  
16. Dezember 2020 vum honorabelen Deputéierten Paul Galles**

**- Huet d'Madamm Justizministesch Kenntnis iwwer eventuell Problemer mam Site vum LBR?**

Luxembourg Business Registers (LBR) huet net Kenntnis iwwer Problemer mam Site vum LBR ([www.lbr.lu](http://www.lbr.lu)) wat d' Benutzer vum Site onméiglech gemaach hätt hier Demarchen beim Registre des Bénéficiaires Effectifs oder beim Handelsregëster ze maachen. An deem Zesummenhang musse en feststellen dass ongeféier 90% vun den Entitéiten hier Demarche gemaach hunn.

Den Helpdesk vum LBR krut technesch Problemer matgedeelt vun Benutzer fir verschidden Formularen am PDF Format opzemaachen. De Problem louch awer net beim Site vum LBR mee un der Configuratioun vun de Computeren vun de Benutzer. D' Benutzer déi den Helpdesk kontaktéiert hunn kruten dann déi néideg Assistenz fir hier Demarche weiderféléieren ze können.

Et soll awer hei och erwäant ginn, dass d' Benutzer déi net déi néideg technesch Mëttelen hunn fir hir Demarchen ze maachen oder einfach net wëllen iwwer dee Wee goen, ee Rendezvous beim Guichet d'assistance vum LBR kënnen froen wou d' Benutzer , op dat zu Lëtzebuerg oder zu Dikrech, wärend der Bürosstonnen kënnen mat hëllef vum Guichet hier Demarche sur Place maachen.

Den LBR huet iwweregens Enn Juli 2020 d' Formularen am Format PDF duerch Formularen am HTML dee méi liicht ze benotzen ass.



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

- **Kann d'Madamm Justizministesch mir soen, wéi vill Entitéiten nach èmmer net „en règle“ sinn, opgeschlësselt no der Forme juridique vun de concernéierten Entitéiten (Asbl etc.)?**

Hei ass den Detail op den 31/12/2020:

Forme Juridique	Données au 31/12/2020			
	Nombre d'entités qui doivent déclarer *	Nombre d'entités qui ont déjà effectué une déclaration **	Nombre d'entités qui n'ont pas encore effectué de déclaration **	Pourcentage d'entité "en règle"
Association d'épargne-pension	10	9	1	90,00%
Association agricole	110	84	26	76,36%
Association d'Assurance Mutuelle	6	6	-	100,00%
Association sans but lucratif	8.503	5.744	2.759	67,55%
Etablissement public	118	110	8	93,22%
Etablissement public autonome créé selon la loi du 24 mars 1989	1	1	-	100,00%
Fondation	218	161	57	73,85%
Fonds commun de placement	1.530	1.505	25	98,37%
Groupement d'intérêt économique	80	66	14	82,50%
Groupement européen d'intérêt économique	59	29	30	49,15%
Mutuelle	3	1	2	33,33%
Société à responsabilité limitée	66.905	61.950	4.955	92,59%
Société à responsabilité limitée simplifiée	3.245	2.910	335	89,68%
Société anonyme	32.360	27.297	5.063	84,35%
Société civile	5.473	4.492	981	82,08%
Société coopérative	135	121	14	89,63%
Société coopérative organisée comme une SA	112	94	18	83,93%
Société créée selon la loi du 28 mars 1997	1	1	-	100,00%
Société d'investissement à capital variable	1.175	1.146	29	97,53%
Société en commandite par actions	1.933	1.813	120	93,79%
Société en commandite simple	1.659	1.491	168	89,87%
Société en commandite spéciale	4.579	4.286	293	93,60%
Société en nom collectif	152	111	41	73,03%
Société européenne	39	32	7	82,05%
Société européenne d'investissement à capital variable	1	1	-	100,00%
Société par actions simplifiée	185	177	8	95,68%
Succursale d'un GEIE étranger	2	-	2	0,00%
Succursale d'une personne morale de droit étranger	775	506	269	65,29%
Succursale luxembourgeoise de société civile de droit étranger	5	2	3	40,00%
<b>Total général</b>	<b>129.374</b>	<b>114.146</b>	<b>15.228</b>	<b>88,23%</b>

- **Ass d'Madamm Justizministesch weiderhin der Meenung, dass d'Asbl'en genuch sensibiliséiert goufen?**

Et gëtt hei verwisen op d'Äntwert op d'Parlementaresch Ufro n°3534 wou d'Informatioun Campagne vum LBR am Detail presentéiert ginn ass.

- **Ass d'Madamm Justizministesch der Meenung, dass d'Gesetz am Bezug op d'Ermëttlung vum Bénéficiaire effectif kloer genuch ass?**



- o Wéi eng Strofe riskéieren Associationen, déi, opgrond vun engem onklore gesetzleche Kader, falsch Indikatiounen maachen betreffend de Bénéficiaire effectif ?
- o Eng strofrechtlech Verurteilung setzt déi net, opgrong vum Prinzip vun der „légalité des peines“, e klore gesetzleche Kader viraus?

Et gëtt hei verwisen op d' Äntwert op d' Parlamentaresch Ufro n°3534.

D' Notioun vum "bénéficiaire effectif" ass am Gesetz vum 12. November 2004<sup>1</sup> definéiert ginn an d' Dokumentatioun (Circulaire 19/02, Guide explicatif) um Internet Site vum LBR gëtt do och kloer Indikatiounen wei eng ASBL de bénéficiaire effectif identifizéieren kann.

- - Wéi bewäert d'Madamm Justizministesch d'Proportionalitéit vun de Strofen am Fall vun den Asbl'en?
- o Ass d'Madamm Justizministesch net der Meenung, dass eng Amende vun minimum 1250 Euro fir eng Asbl vill Sue sinn, och virum Hannergrond vun der aktueller Pandemie?
- o Sollt eng Asbl net „à même“ sinn fir dës Strof ze bezuelen, wie gëtt an deem Fall haftbar gemaach?

Et gëtt hei och verwisen op d' Äntwert op d' Parlamentaresch Ufro n°3534 iwwer de Montant vun de Sanktiounen.

D'Période transitoire fir de Bénéficiaire Effectif unzemellen ass laang virun der Pandémie ofgelaf (1. September 2019) an d' Dispositioun vun désem Gesetz sinn wärend der Pandemie net opgehuewen ginn well et kee Grond gouf vir, wärend der Pandemie, enger Obligation déclarative (déi iwweregens iwwer Internet ka gemaach ginn) net nozekommen.

Eng ASBL déi net "à même" wier fir eng Strof ze bezuelen ass an der nämlech Situatioun wéi all aner Personne morale.

---

<sup>1</sup> loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme – Article 1<sup>er</sup>, paragraphe 7